

Lëtzebuerg, den 21. November 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,  
biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här  
Landwirtschaftsminister weiderzeleeden:

*„D’Gromper ass eng vun deene populäerste Kulturen hei am Land.  
Besonnesch am Éislek gi vill Zorte Grompere gesat a recoltéiert.  
2022 war leider eent vun deenen dréchensten, déi mir an de leschte  
50 Joer erlieft hunn. Dat wäert wuel net ouni Konsequenze fir eis  
Grompereproduktioun ausbliwwe sinn an och en Impakt op déi  
kommend Rekolten hunn.*

*An deem Kontext wollte mir dem Här Landwirtschaftsminister  
folgend Froe stellen:*

- *Ass et dem Här Landwirtschaftsminister méiglech fir zu  
dësem Zäitpunkt en detailléierten Iwwerbléck iwwer  
d’Grompereproduktioun vum Joer 2022 jee no Zort ze  
liwweren? Wéi huet si sech am Verglach zu de  
vergaangene Joren entwéckelt?*
- *Wéi héich schätzt den Här Minister eise Versuerungsgrad  
un Iessgromperen hei zu Lëtzebuerg an? Riskéiert deen net  
eventuell duerch déi wuessend Bevëlkerung zréckzegoen?  
Wa jo, missten net Ustrengunge gemaach ginn, fir  
d’Eegeversuerung op engem eenegermoossen héije  
Niveau ze halen?*
- *Mat wat fir enge finanziellen Hëllef kann een de  
Gromperbauer méi geziilt entgéintkomme fir hir  
Produktioun ënner anerem besser op dréche Summere  
virzebereeden?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *Firwat gëtt d'Gromper net als Geméis unerkannt? Wëll den Här Minister dat eventuell änneren?*
- *Ass den Här Minister de Moment am Gespréich mat Grompereproduzente fir hir spezifesch Suergen z'erfaassen an esou op dës reagéieren ze kënnen?“*

Mat déiwem Respekt,



André Bauler  
Deputéierten



Gusty Graas  
Deputéierten